ISSN : 2535-9029
automne/hiver 2026 N°19

Youthmag

Le magazine pour le secteur de la jeunesse



JUGENDPAKT

Méi Zäit fir jonk ze sinn

STAARK GEMENGE FIR STAARK JONKER

„Wann een hinnen eppes ubitt, bleiwe se hei“

AUS DER WËSSENSCHAFT


Y-LOCAL

snj Service national de la jeunesse

JUGEND PRÄIS 2027

Dir hutt e flotten an innovative Jugendprojet realiséiert?
Da gitt **bis den 31. Dezember 2026** är Kandidatur iwwer jugendprais.lu eran!

D'Kategorien vun dëser Editioun:



ENG PLAZ
FIR JONKER

Eng Plaz schafen.

Projeten, déi Jonken e Raum
oder e Kader bidden, wou si sech begéinen,
sech ausdrécken an aktiv kënne sinn.



ENG STËMM
FIR JONKER

Matschwätzen a matbestëmmen.

Projeten, déi Jonken et erméiglechen,
hir Iddien auszedrécken,
bei Entscheedunge matzemaachen an
Afloss op dat ze hunn, wat si betréfft.

ERFARUNG
FIR JONKER

Erliewen an ausprobéieren.

Projeten, déi Jonken et erméiglechen, Saachen
auszeprobéieren, kreativ ze sinn, Neies
z'entdecken an zesummen aktiv ze ginn.



JONKER
ENCOURAGÉIREN

Wuessen a sech weiderentwéckelen.

Projeten, déi Jonker dobäi ënnerstëtzen,
hir Kompetenzen ze entwéckelen, méi
Selbstvertrauen ze kréien an iwwer hir eege
Grenzen erauszegoen.



Service national de la jeunesse
anefore
Cofinancé par l'Union européenne

SOMMAIRE

INTRO

De Jonken eng gutt Zäit erméiglechen 04

JUGENDPAKT

Méi Zäit fir jonk ze sinn 06

STAARK GEMENGE FIR STAARK JONKER

„Wann een hinnen eppes ubitt, bleiwe se hei“ 08
„Jidderee ka vun deem anere léieren“ 10
Méi Plaz fir spontan aktiv ze sinn 12
Méi wéi just en Treffpunkt 14

VUM AUSLAND LÉIEREN

Trierer Jugendcafé Südachse -
ohne Konsumzwang seine Freizeit verbringen 16

AUS DER WËSSENSCHAFT

Y-LOCAL: Jugendfreundliche
Gemeinden in Luxemburg (2025–2027) 18

AM GESPRÉICH

Wéi erliewe Jonker hir Gemeng? 20

AGENDA

Les dates à ne pas manquer ! 22

RÉCKBLÉCK

Jugendfestival Mëttendran :
la jeunesse au cœur de l’action 24

NEIES VUM SNJ

Vier Publikationen – ein gemeinsames Bild 25

AUS DEM SECTEUR

ReeFab – Projet européen Erasmus+ 26



Impressum :
YOUTHMAG - Le magazine
pour le secteur de la jeunesse

Coordonnées :
Service national de la jeunesse
BP 707 L-2017 Luxembourg

Rédaction : Service national de la jeunesse
avec le soutien de rédaction de : Laura Tomassini
et Frédéric Braun.

Vos suggestions à :
Communication@snj.lu

Mise en page :
Graphisterie Générale / Kehlen

Crédits photos : SNJ, Standart, Mathilde Magne,
Gilles Kayser, Frédéric Braun et tous les autres qui ont été
éventuellement oubliés.

Papier : FSC sources mixtes

Impression : Reka

Tirage : 1300 exemplaires
ISSN : 2535-9029
Édition automne/hiver 2026

La reproduction non-commerciale, non-modifiée et la distribution sont expressément autorisées à condition de citer la source. Imprimé au Luxembourg.



De Jonken eng gutt Zäit erméiglechen

De Jugendpakt 2026–2030 dréit den Titel „De Jonken eng gutt Zäit erméiglechen“. De Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend Claude Meisch erkläert am Interview, firwat him d’Thema „Zäit“ wichteg ass a wéi eng Roll d’Gemengen an der Ëmsetzung vum Jugendpakt spillen.

Firwat ass et Iech als Minister vun der Jugend esou wichteg, de Jonken eng gutt Zäit ze erméiglechen?

D’Jugend ass eng zentral an eegestänneg Phas am Liewen, an där déi Jonk sech entfalen, hir Interessen an Talenter entdecken an nei Frëndschafte schléissen. Et ass eng Phas, déi e groussen Impakt op hiert ganzt Liewen huet. Dofir solle si encouragéiert ginn, hir Fräizäit bewosst a sënnvoll ze gestalten – sief et duerch Sport a Kultur, nei Erfarungen

AM DIREKTE GESPRÉICH MAT DE JONKEN

Op der Tournée „Wou dréckt de Schong?“ ass de Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend am Joer 2025 an den direkten Echange mat de Jonke gaangen. Op véier verschiddene Plazen am Land huet hie mat insgesamt 250 Jonke geschwat. Dësen Austausch huet d'Ausriichtung vum Jugendpakt esouwéi déi konkreet Mesuren mat beaflosst.

an Engagement, awer och duerch sozial Aktivitéiten an a Kontakt mat anere Jonken.

Dëst ass ëmsou méi wichteg, well Bildschiermer a sozial Medien haut net méi aus dem Alldag vun de Jonken ewechzedenke sinn. Si sinn zwar wichteg fir hir sozial Kontakter, mee eng exzessiv Notzung huet en negativen Impakt op hiert Wuelbefannen. Déi Jonk soen eis selwer, dass si heiansdo d'Gefill hunn, ze vill Zäit um Handy ze verléieren, an dass dëst si dovun ofhält, eppes am richtege Liewen ze maachen. Mam Jugendpakt wëlle mir dofir konkreet an attraktiv Alternativen ouni Ecran schafen, déi et de Jonken erméiglechen, hir Fräizäit aktiv ze gestalten, nei Saachen ze erliewen an eng gesond Screen-Life-Balance ze fannen.

Dës Alternativen zum digitale Liewe sollen de Jonken och d'Méiglechkeet ginn, eppes selwer auszeprobéieren, Verantwortung ze iwwerhuelen an ze erliewen, dass hiert Handelen eppes bewierke kann. Esou erliewe si, dass si en Deel vun eppes méi Grousses sinn an d'Liewen an d'Gesellschaft matgestalte kënnen.

Fir dass dëst esou gutt wéi méiglech funktionéiert, ass et wichteg, dass déi Jonk eng ofwiesslungsräich Offer un Aktivitéiten a Plazen ugebuede kréien, hir Méiglechkeete kennen, wëssen, wou a wéi si sech engagéiere kënnen, an och bei Erausfuerderungen an hirem Liewen Ulafstelle fannen, wou si Ënnerstëtzung kréien. Dëst sinn deemno d'Schwéierpunkte vum neie Jugendpakt.

Wéi wichteg ass d'Roll vun de Gemenge bei der Ëmsetzung vum Jugendpakt, a firwat ass eng gutt Zesummenaarbecht tëscht de Gemengen an dem Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend entscheedend?

D'Gemenge sinn zentral Acteure bei der Ëmsetzung vum Jugendpakt, well si wëssen, wéi eng Besoinen a Méiglechkeeten um lokalen Niveau bestinn. Doriwwer eraus stellen d'Gemengen och e groussen Deel vun de Gebaier zur Verfügung, an deene Servicer fir Jonker ugebuede ginn. Dat geet vum klassesche Jugendhaus bis hin zu abordabelem an ënnerstëtztem Wunne fir Jonker.

Fir eis als Ministère ass eng gutt Zesummenaarbecht mat de Gemengen entscheedend, fir déi lokal Realitéit mat de Prioritéite vun der Jugendpolitik ze verbannen an zesumme konkreet Léisunge fir déi Jonk ze entwéckelen. Aus deem Grond hu mir beim Ausschaffe vum Jugendpakt den direkte Kontakt mat de Gemenge gesicht, fir ze kucken, wat ëmsetzbar ass, wat schonn a verschiddene Gemenge realiséiert gëtt a wou een sech drun inspiréiere kann. An deem Kontext ass et och wichteg, dass déi verschidden Acteuren ënnerteneen gutt vernetzt sinn. Vill vun de Jonken hire Liewensberäicher hänken zesummen, an dofir brauche mir eng koordinéiert Approche, bei där d'Acteuren sech austauschen an un engem Strang zéien.

Wat sinn d'Bedierfnesser vun de Jonken an de Gemengen, a wéi kann de Jugendpakt dorop agoen?

Ee wichtegt Uleies vun de Jonken ass et, méi Plazen ze hunn, wou si sech ongezwongen a spontan treffe kënnen, ouni Encadrement, sief dat bannen oder baussen. Dëst ass a mengem direkten Austausch mat de Jonken d'lescht Joer oft widderholl ginn. Donieft froen déi Jonk och no méi Aktivitéiten, déi si mat anere Jonken zesummen zu engem nidderege Käschtepunkt ënnerhuele kënnen. Op déi Demandë probéiere mir also sou gutt wéi méiglech anzegoen, an hei sinn d'Gemengen natierlech e wichtege Partner.

En aneren essentielle Volet ass d'Informatioun. Déi Jonk soen eis oft, dass et schwéier ass, déi relevant Informatiounen zu Aktivitéiten an aneren Offeren ze fannen. Op där anerer Säit soen eis vill Gemengen, dass et fir si e grousst Uleies ass, déi Jonk driwwer ze informéieren, wat an hirer Gemeng fir si ugebuede gëtt a wou si sech abrénge kënnen. Do musse mir, zesumme mat de Gemengen, kucken, dass mir d'Informatioune besser a méi geziilt un déi Jonk kréien.

Och d'Participatioun an den Engagement vun de Jonke spillen um Gemengenniveau eng wichteg Roll. Duerch ënnerschiddlech Initiative wëlle mir e Kader schafen, an deem déi Jonk hiert direkt Ëmfeld méi matgestalte kënnen an an d'Decisiounen, déi si direkt betreffen, agebonne ginn. An och an deem Beräich wëllen d'Gemengen sech investéieren an de Jonken eppes bidden.

Wéini ass fir lech de Jugendpakt ee Succès?

De Jugendpakt wäert fir eis dann e Succès sinn, wann et eis geléngt, attraktiv a passend Plazen ze schafen, wou déi Jonk sech begéine kënnen an déi hire Besoinen entspriechen. Gläichzäiteg wëlle mir hinne méi zougänglech, beräicherend Erfarunge proposéieren, déi si an hirer perséinlecher Entwécklung stäerken an zu autonomen, engagéierte Jonke maachen, déi hir Plaz an der Gesellschaft fonnt hunn a se aktiv matgestalten. Schlussendlech wëlle mir och de Jugendsecteur weiderentwéckelen a stäerken an eng gemeinsam Identitéit schafen. Och dozou wäert de Jugendpakt bäidroen am Sënn vun engem staarke Secteur fir staark Jonker.





Méi Zäit fir jonk ze sinn

Mataarbechter vum Service national de la jeunesse (SNJ) schwätzen iwwert de Jugendpakt.

De Jugendpakt setzt d'Prioritéite vun der Jugendpolitik fir déi nächst Joren. Wourop läit de Schwéierpunkt bei der Ausgab 2026–2030?

Gilles Lanners: Eng vun de politeschen Haaptprioritéite war et, d'Thema „Zäit" an de Mëttelpunkt ze stellen. Et geet drëms, de Jonken d'Méiglechkeet an d'Zäit ze ginn, ënnerschiddlech Erfarungen ze sammelen a mat Gläichaltregen zesummenzekommen. Dofir leet de Jugendpakt besonnesch vill Wäert drop, jonke Mënschen eng breet a villfälteg Offer u Méiglechkeeten ze bidden. Gläichzäiteg sollen d'Offere fir déi Jonk einfach zougänglech sinn a si do erreechen, wou si sinn.

Josepha Nell: Vill Jonker si sech bewosst, datt si vill Zäit um Handy verbréngen, a sinn awer net frou doriwwer. Si hunn d'Gefill, d'Kontroll iwwer hir eegen Zäit ze verléieren. Dat ass en Thema, dat an der Vergaangenheet manner präsent war.

Wéi sidd dir un Är Informatioune komm?

Gilles Lanners: Mir hunn en ëmfaassende Consultatiounsprozess duerchgefouert. De Minister huet an enger nationaler Tournée mat ronn 250 Jonker aus dem ganze Land geschwat. Dësen Echange war eng wichteg Grondlag fir d'Prioritéite vum Jugendpakt. Donieft goufe Fokusgruppe mat Jonken aus ënnerschiddleche Liewens- a Bildungskontexter organiséiert. Dobäi gouf Wäert drop geluecht, datt méiglechst ënnerschiddlech Jonker hir Perspektiven an Erfarunge konnten abréngen. Dofir goufen a Schoulen, Jugendhaiser an Organisatioune Jonker fir d'Fokusgruppe gefrot.

Josepha Nell: Och wëssenschaftlech Erkenntnisser sinn agefloss, virun allem aus dem Jugendbericht an ergänzende Studien. Zousätzlech gouf de Jugendsecteur iwwert e Questionnaire an e Workshop agebonnen, fir d'Mesuren ze verdéiwen an hir Ëmsetzbarkeet ze diskutéieren. Och d'Gemengen hunn an dësem Prozess eng wichteg Roll gespillt.

Wat hunn iech déi Jonk an de Consultatioune besonnesch kloer mat op de Wee ginn?

Gilles Lanners: Déi Jonk wëlle méi Plazen, wou si sech spontan an ongezwonge kënnen treffen, och emol ouni Encadrement. Si wëlle méi matschwätzen, wann et ëm Theme geet, déi si betreffen, an eng méi divers a visibel Offer un Aktivitéiten uechter d'Land, zum Beispill am Sport oder an der Kreativitéit. Och bei Informatiounen, Ënnerstëtzungsangeboter a Participatioun gesi si Verbesserungsméiglechkeeten.

Wéi gëtt aus esou enger Ausso vun engem Jonken eng konkret Mesure?

Josepha Nell: D'Besoine vun de Jonke stinn am Mëttelpunkt. Als éischt hu mir hir Prioritéite gekuckt an dës mat wëssen-

schaftlechen Erkenntnisser an dem Feedback vum Secteur ofgeglach, fir e méi komplett Bild ze kréien.
Fir dat méi konkret ze maachen, kann een d'Beispill vun der Informatioun fir Jonker huelen. An der Tournée vum Minister an an de Fokusgruppe gouf däitlech, wéi wichteg et de Jonken ass, ze wëssen, wat et an hirer Gemeng un Offere gëtt. Doraus ass d'Moossnam „Deng Gemeng, deng Infoen" entstanen. Si soll den Accès zu Informatioune verbesseren an domat och d'Zougehéieregkeetsgefill an der Gemeng stäerken.

Kënnt dir eis e puer Beispiller vu Mesurë ginn, déi iech besonnesch ugeschwat hunn?

Melany Navalha: D'Jugendakademie ass eng Initiativ, déi ech perséinlech ganz flott fannen, well se de Jonken d'Méiglechkeet gëtt, och ausserhalb vun der Schoul Neies ze léieren, sech weiderzeentwéckelen a Saachen auszeprobéieren. Et gëtt haut schonn eng ganz Rei u Formatioune fir Jonker an hirer Fräizäit an et sollen der nach derbäi kommen. Mat der Jugendakademie, wëlle mir déi verschidden Offeren op enger gemeinsamer Online-Plattform zesummeféieren an accessibel maachen.
Christian Delmarche: De Label „Jugendfrëndlech Gemengen" ass och en interessant Beispill. Hei schaffen ënnerschiddlech Acteuren aus dem Ministère zesummen, an déi konkret Ëmsetzung ass nach net finaliséiert. Am Fong geet et drëms, déi Jonk méi staark an d'Prozesser an d'Liewe vun hirer Gemeng anzebannen an d'Angeboter fir si auszebauen.

Hutt dir iech beim Ausschaffe vum Jugendpakt och aner Initiativen ugekuckt?

Gilles Lanners: Jo. Mir hunn och d'Aktiounspläng vun anere Ministèren analyséiert, fir Theme mat Bezuch op d'Jugend, wéi zum Beispill Aarmut oder Rassismus, ze berécksiichtegen. Och déi europäesch Jugendstrategie war eng Inspiratioun. Jugend ass souwuel national wéi europäesch en transversaalt Thema, wat mir bei der Ausaarbechtung vum Jugendpakt matgeduecht hunn.

Firwat soll de Gemengen eng méi wichteg Roll zoukommen?

Melany Navalha: A ville Gemenge gëtt vill fir Kanner oder eeler Leit gemaach, déi Jonk ginn awer heiansdo vergiess.
Josepha Nell: Gläichzäiteg stelle mir fest, dass d'Gefill vun Einsamkeet och bei Jonken zouhëlt. D'Gemeng bitt d'Méiglechkeet, datt si sech lokal begéinen an zesummen Aktivitéite maachen.
Christian Delmarche: D'Gemenge sinn e wichtege Partner vum SNJ an den éischte Kontakt tëschent Jonken a Politik. Ee vun den Ziler vum Jugendpakt ass et, d'Participatioun ze stäerken an déi Jonk méi aktiv an Decisiounen anzebannen.

Gëtt et Beispiller, wat d'Gemenge konkret maache kënnen?

Melany Navalha: Eng Iddi ass „Gemeng trëfft Jugend", déi an der „Semaine de la démocratie" organiséiert gëtt. An engem informelle Kader kënnen déi Jonk sech mat Gemengevertrieder austauschen an hir Iddien a Besoinen ausdrécken a sou direkt Participatioun erliewen.
Christian Delmarche: E weidert wichtegt Thema ass d'Wunnen. Zesumme mam Logementsministère gëtt et den Dispositif Jugendwunnen. Gemengen hu beispillsweis heiansdo eidel Raim, aus deene Wunnraum ka gemaach ginn. Mir kucken, wéi si dobäi finanziell ënnerstëtzt kënne ginn – och fir Jonken ze erméiglechen, an hirer Gemeng wunnen ze bleiwen.

Wéi stellt dir 2030 fest, ob de Jugendpakt eppes bewierkt huet?

Josepha Nell: Fir dat festzestellen, ass et entscheedend, am direkte Kontakt mat de Jonken an dem Secteur ze bleiwen an esou ze iwwerpréiwen, ob d'Mesuren nach hire Besoinen entspriechen. Zousätzlech gëtt et eng objektiv Evaluatioun mat passenden Indicateuren, fir ze iwwerpréiwen, ob déi festgeluechten Ziler erreecht goufen.





SNJ - SI HUNN UM JUGENDPAKT MATGESCHAFFT:

Vu lénks no riets: Josepha Nell, Melany Navalha, Christian Delmarche a Gilles Lanners

„Wann een hinnen eppes ubitt, bleiwe se hei“

Zu Stroossen huet sech d'Jugendpolitik an de leschte Jore staark entwéckelt. Dobäi geet et net nëmmen ëm Fräizäit.

„Ech géif soen, jo“, äntwert de Nico Pundel op d'Fro, ob Stroossen sech haut als jugendfrëndlech Gemeng bezeechne géif. An de leschte véier bis fënnef Joer hätt sech vill gedoen, mengt de Buergermeeschter. Datt et an der Vergaangenheet manner Offere fir Jugendlecher gouf, gëtt hien oppen zou. Well d'Gemeng Stroossen gutt un d'Stad ugebonnen ass, wier sech bis elo geduecht ginn datt déi Jonk vu Stroossen dann och do hir Fräizäit verbrénge géifen. Mëttlerweil gesäit een dat anescht.

„Wann een hinnen eppes ubitt, bleiwen se och hei“, seet de Nico Pundel. Am Fong wieren di Jugendlech esouguer „genau esou gär hei, wéi dass se an d'Stad ginn“. Dat geséich een zum Beispill beim Skatepark. Zu Stroossen op der Gemeng schwätzt een an Tëschenzäit vun enger „Success-Story“. Dobäi ass d'Plaz net nëmme fir Skateboarder geduecht: Och BMX-Fuerer, Rollerblader an Trottinettennotzer kommen hei zu hirem.

Bei der Planung huet Stroossen op d'Erfarung vu Leit zeréckgegraff, déi selwer aus dëser Zeen kommen. Ënner anerem gouf e Lëtzebuerger Architekt agebonnen, deen zu Innsbruck studéiert a sech op Skatepisten spezialiséiert huet, wéi de Buergermeeschter ervirhieft. D'Fro war natierlech och, wéi ee verhënnere kann, datt déi méi grouss an erfuere Benotzer déi méi kleng géife verdrängen. „Et ass wichteg, dass et bei esou Saachen eng Supervisioun gëtt“, seet d'Schäffen Betty Welter-Gaul.

Et geet dobäi net ëm Kontroll, mee ëm eng Form vun Encadrement. Dofir sinn elo op der Plaz reegelméisseg zwee Jonker präsent. Si bidden och Coursen un an hëllefen de Benotzer bei technesche Froen. Wann eppes futti geet, gëtt et méiglechst direkt gefléckt. De Skatepark ass awer net di eenzeg Neierung. Stroossen huet eng ganz Rei vu Fräizäitméiglechkeete parat, e.a. e Minigolf, e Beachvolleyball a Multisport-Terrain. Weider Offere sollen dobäikommen.

D'Gemeng wëll op deem Wee en Ëmfeld schafen, an deem een net fir all Aktivitéit op eng aner Plaz muss goen. Jonker sollen einfach eng Plaz hunn, wou si kënnen hikommen, ouni sech mussen unzemellen oder engem Veräin unzegehéieren. Nieft den ëffentlechen Infrastrukture spillen d'Veräiner eng zentral Roll: „De Fussball, déi hunn iwwer 300 Kanner, de Volleyball huet der iwwer 200, den Turnveräin iwwer 300.“, weess de Buergermeeschter. D'Gemeng wëll dës Strukture weider stäerken.

D'Veräiner kréien nieft den normale Budgeten zousätzlech Ënnerstëtzung fir hir Jugendaarbecht, a kréien extra Subsiden, beispillsweis fir Traineren ze finanzéieren. D'Gemeng huet och e Sportskoordinator agestallt, deen d'Aarbecht an de Veräiner begleede soll. Och hei soll fir eng koordinéiert Jugend- a Sportaarbecht gesuergt ginn. Fir Stroossen ass dat och eng Fro vun der lokaler Verankerung. D'Gemeng läit an enger Regioun, an där Jugendlecher aus verschiddene Richtunge kommen an och vill Alternativen ausserhalb vun der Gemeng hunn.

Sport als sozial Funktioun

Dofir wier et och wichteg d'Veräiner attraktiv ze halen an d'Jugend dozou ze bréngen, sech lokal z'engagéieren. Eng speziell Erausfuerderung fir d'Gemeng Stroossen ass dobäi déi international an heterogen Zesummesetzung vun der Jugend. Nëmmen: Déi verschidde Gruppe géifen sech net automatesch vermëschen. Am Sport dogéint wier dat einfach. Déi gemeinsam Infrastrukture sollen dofir also och eng sozial Funktioun iwwerhuelen. Jugendlecher aus verschiddene Milieuen treffen sech op enger Plaz, well si dat selwecht interesséiert.

Eng weider zentral Roll spillt de Jugendkoordinator Ben Boulanger. Hie schafft zanter bal fënnef Joer an dësem Beräich. Seng Aufgab besteet virun allem doranner, fir d'Jugendlech d'Kontaktpersoun ze sinn an och dofir bekannt ze sinn. Et geet net dorëms, datt all Jonken aktiv bei d'Gemeng muss kommen, erklärt de Ben Boulanger. Si sollen awer wëssen, wou si Hëllef oder en Uspriechpartner fannen.

Och d'Participatioun vun de Jugendleche selwer ass na-

GEMENG STROOSSEN

Vu lénks no riets: Betty Welter-Gaul (Schäffen), Ben Boulanger (Sportskoordinator), Nico Pundel (Buergermeeschter)



tierlech e wichtege Punkt. Beim neie Jugendhaus war dat deelweis schonn de Fall: „Do sinn déi Jonk awer och gefrot ginn, wat se gären hätten" esou de Nico Pundel. Ënner anerem konnte si bei der Gestaltung vun de Raim matdenken an hir Iddie fir de Graffiti abréngen. Och de Logo vum Jugendhaus gouf mat de Jonken ausgeschafft. Grad beim Jugendhaus gesäit d'Gemeng awer nach Entwécklungspotenzial.

„D'Jugendhaus muss nach méi oppe ginn", mengt de Buergermeeschter. De Kontrast zum Skatepark wier do nach ze opfälleg. Dat wier nämlech eng Plaz, wou een einfach dohinner kéim an och nees fortgeet. Et brauch ee keng speziell Bezéiung zu der Plaz. Beim Jugendhaus schafft een dofir un engem änleche Konzept fir d'Plaz nach méi oppen no baussen a fir jiddereen accessibel ze maachen.

Awer och domat sinn d'Diskussioune ronderëm d'Jugendaarbecht nach net ofgeschloss. Och an Zukunft wäert d'Gemeng hir Offer reegelméisseg weiderentwéckelen an un d'Besoine an d'Interesse vun de Jonken upassen.

Zu Stroossen huet sech d'Jugendpolitik an de leschte Jore staark entwéckelt. Nei Sport- a Fräizäitplazen, attraktiv Veräiner an d'Bedeelegung vun de Jonke selwer stinn dobäi am Mëttelpunkt. D'Gemeng wëll Raim schafen, wou Jonker sech treffen, gemeinsam aktiv sinn an hir Iddien abréngen. Eng Offer, déi sech un hire Besoinen orientéiert an hinnen eng Plaz an der Gemeng gëtt, wou si sech wuel fillen a gäre bleiwen.



„Jidderee ka vun deem anere léieren“

Leideleng wëll d’Jugend verstäerkt an d’Gemengeliewen abannen an hinne weider d’Méiglechkeet ginn, sech selwer anzebréngen.

D’Vanessa Baldassari ass eréischt säit Juni fir de Jugendressort an der Gemeng Leideleng zoustänneg. Eng jugendfrëndlech Gemeng ze si bedeit fir si „deene Jonken eng Plaz ze schafen, déi un hire Besoinen orientéiert ass, an hinnen nozelauschteren“. Op deem Wee géif een dann och gewuer ginn, wat déi Jonk brauchen, wat hinne feelt a wou et nach Verbesserungsméiglechkeete gëtt, wéi d’Schäffen eis erkläert.

Eng vun de groussen Erausfuerderunge bestéing nämlech doranner, iwwerhaapt mol un déi Jonk erunzekommen. Wann och verschiddener vun hinnen sech zanter Joren am Veräinsliewen abréngen an dofir relativ einfach z’erreeche sinn, sinn anerer manner aktiv op deem Plang. Dobäi kënnt, datt et „déi Jonk“ als homogen Grupp esou net gëtt, wéi d’Vanessa Baldassari ënnersträicht. D’Bedierfnisser vun engem jonken Teenager ënnerscheede sech beispillsweis vun deene vun engem Jugendlechen, dee schonn op d’Erwuessenenliewen histeiert.

Fir eng Gemeng bedeit dat, datt d’Offeren a Servicer am Jugendberäich och un di verschidden Altersgruppen a Bedierfnisser ugepasst musse sinn. Dat setzt awer viraus datt eng Gemeng um Terrain präsent ass, wéi d’Jugendbeoptraagten eis erkläert: „Et muss een och mol op d’Leit duergoen a froen: Wéi ass et dann hei? Wéi hues de dat haut fonnt? War et flott?“ Bei esou Geleeënheete misst een dann och mol Kritik astiechen, mee Kritik kann jo och konstruktiv sinn.

Eng entscheedend Roll spillt dobäi och d’Jugendkommissioun, déi berodend dem Schäfferot zur Säit steet an et deene Jonken erlaabt, sech direkt anzebréngen. Zu Leideleng sëtzt esou momentan e 16-Järegen an der Kommissioun a géif do seng Iddien a Propositiounen abréngen: „De Risiko ass jo ëmmer, datt een haaptsächlech ënner erwuessene Leit do sëtzt, déi zwar wuel mat Jonke schaffen, selwer awer net betraff sinn“, wéi d’Schäffe bemierkt. Fir si ass dat ausserdeem eng fréi Form vu politescher Bedeelegung.

D’Bréck tëscht deenen zwou Säite mécht zu Leideleng d’Jugendhaus. Esou ass de President vun der Jugendkommissioun och ee vun den Haapteducateuren am Jugendhaus a kann deemno tëschent de Jonken an der Gemeng vermëttelen. Oder dobäi hëllefen, Iddien a Proposen anzeschätzen an ze kucken, wat realistesch ëmsetzbar ass. Zu Leideleng wollten di Jonk z.B., nom Virbild vun Déifferdeng, eng Seefekëschtecourse organiséieren. Also hu si sech mat de Scouten a Verbindung gesat, sinn op Déifferdeng kucke gaangen, wéi de Projet do organiséiert gëtt, an hu sech och bei de lokale Veräiner an am Cycle 4 virgestallt. D’Zil war dobäi net nëmmen, e konkrete Projet virzebréngen. Deene Jonke wier et och drëms gaangen, sech iwwerall virstellen ze goen.

De Glaawen un d’Politik scho bei de Jonke stäerken

„Déi Jonk sinn déi Erwuesse vu muer“, gëtt d’Vanessa Baldassari ze bedenken. Ëmmerhi géif jo vläicht deen een oder aneren an Zukunft och Verantwortung an der Gemeng iwwerhuelen. Grad dofir ass et esou wichteg hinne schonn haut d’Méiglechkeet ze ginn, sech anzebréngen an eescht geholl ze ginn. „Well soss verléiere se jo och de Glawen un d’Politik“.

D’Bedeelegung vun de Jonke weist sech och bei Projete vun der Gemeng selwer, wéi zum Beispill bei der neier Brasserie, déi den 11. November hir Dieren opmécht. Dës soll eng wichteg Roll am Duerfliewe spillen, well et zu Leideleng de Moment kee klasseschen Duerfcafé méi gëtt. Et feelt also un enger zentraler Plaz, wou d’Leit, a besonnesch och déi Jonk, sech spontan begéine kënnen, fir zesummen e Patt ze drénken, e klenge Maufel z’iessen oder einfach e gemittleche Moment mateneen ze verbréngen. Déi nei Brasserie soll esou eng Plaz vum Austausch a vun der Gesellegkeet schafen an domat zu engem méi liewegen Duerfzentrum bäidroen. Och de Jugendclub huet e Lokal kritt. Gläichzäiteg géing iwwerluecht ginn, wéi sech Jugendclub a Jugendhaus an Zukunft Raim an der Maison intergénérationnelle deele kéinten. D’Jugendhaus wäert net kënnen op senger aktueller Plaz bleiwen a soll an den éischte Stack.

Do si verschidde Raim virgesinn, déi mol fir sportlech



Aktivitéiten, mol fir eppes aneres kënne benotzt ginn. D'Kiche bitt sech zum Beispill fir Kanneratelieren un. D'Iddi ass, datt d'Veräiner a Clibb sech hei an Zukunft fir hir Aktivitéiten treffen an esou verschidde Generatiounen op enger Plaz zesummekommen: „Jidderee ka vun deem anere léieren", seet d'Vanessa Baldassari. Esou soll och verhënnert ginn, datt eenzel Leit isoléiert ginn, onofhängeg vum Alter. Nieft Fräizäitraim spillt awer och d'Wunnen eng wichteg Roll.

Am Joer 2022 huet d'Gemeng Leideleng mat der ASBL Inter-Actions eng Konventioun am Kader vum Programm „Jugendwunnen" ënnerschriwwen. Dee riicht sech u Jonker tëscht 18 an 31 Joer, déi um Wee an en eegestännegt Liewe sinn. Beim sougenannte „Wäschbuer" (Numm vum Gebai) zu Leideleng plangt d'Gemeng an de nächste Joren e Gebai mat insgesamt 39 abordabele Wunnengen, déi verlount wäerte ginn. Dorënner wäerte vill Studioe fir Jonker sinn, déi grad ugefaangen hu mat schaffen a sech nach keng eege Wunneng leeschte kënnen. Um Rez-de-chaussée vum Gebai sinn e Centre médical, eng Apdikt, eng Superette an e Restaurant virgesinn. Ausserdeem sinn am Kader vum Projet e Shared Space souwéi Maison-bifamiliales geplangt.

Am ëffentleche Raum ass de Fitnesspark vun der Gemeng ervirzehiewen. D'Zil ass et virun allem deene Jonke Méiglechkeeten ze bidden, sech sportlech ze betätegen. Donieft soll d'Veräinsliewe gestäerkt ginn. Bei der rezenter Marche gourmande hätten di Jonk zum Beispill den Dessert preparéiert a Kaffi gemaach, an esou d'Duerf- a Veräinsliewe kennegeléiert, mengt d'Schäffen. Vill Jonker hätten zwar gewosst, datt et zu Leideleng e Petanque-Club oder eng Chorale gëtt, mee dacks hätten si wéineg Kontakt mat de Leit hannendru gehat.

Genee dat wier awer e wichtegt Attribut vun enger jugendfrëndlecher Gemeng, esou d'Vanessa Baldassari: de Jonken net nëmmen Offeren ze maachen, mee hinnen och d'Méiglechkeet ze ginn, sech anzebréngen, Verantwortung z'iwwerhuelen an en Deel vum lokale Gemeinschaftsliewen ze ginn.



VANESSA BALDASSARI

Schäffen Gemeng Leideleng



GEMENG RÉISER

Vu lénks no riets : Bettina Ballmann (Sport- a Jugendschäffen), Jerry Bucari (Sportskoordinator)

Méi Plaz fir spontan aktiv ze sinn

Mat senger Box-up-Statioun mécht d'Gemeng Réiser de Jonken de Sport méi einfach zougänglech.

Am Ufank hätt ee wëllen zesumme mat de Bierger Iddie fir eng besser Sportförderung entwéckelen. „Et ass e partizipative Prozess entstanen, wou d'Bierger sech konnte mellen, fir an enger Aarbechtsgrupp ze schaffen", esou d'Bettina Ballmann, Sport- a Jugendschäffe vun der Gemeng Réiser. Eng vun den Aarbechtsgruppen hätt sech mat der Ëmgéigend vun der Sportshal beschäftegt, wou et schonn e Basketballterrain, e Beachvolleyballterrain, Dëschtennisdëscher, Grénglächen, eng Spillplaz an Outdoor-Fitnessméiglechkeete géing ginn.

D'Fro war also net onbedéngt, nach méi Infrastruktur ze bauen, mee ze kucken, wéi déi bestoend Raimlechkeete méi einfach genotzt kënne ginn. „Den Terrain ass do, déi zwee Terrainen an d'Dëschtennisdëscher sinn do, mee d'Leit hunn net onbedéngt de Ball an der Täsch", wéi de Jerry Bucari, Sportskoordinator zu Réiser, et op de Punkt bréngt.

Doraus ass d'Iddi vun der Box-up-Statioun entstanen. Amplaz Sportsmaterial vun doheem misse matzebréngen, kann een et direkt op der Plaz ausléinen. „Mir hunn eppes gesicht wéi eng Postpack-up-Statioun, wou d'Leit higinn, eng Këscht opmaachen an dat eraushuelen, wat se brauchen" sou de Jerry Bucari. An no enger Léisung, déi och owes an de Weekend funktionéiert.

„Eppes wéi eng Postpack-up-Statioun"

No Recherchen ass d'Gemeng esou op e Produkt aus der Schwäiz gestouss. D'Box-up-Statioun, déi elo do steet, ass mat enger App verbonnen. Di verschidde Fächer loosse sech individuell opmaachen, esou datt méi Persoune gläichzäiteg Material ausléine kënnen. An der Box fanne sech ënner



„Spontan aktiv sinn, ouni säin eegent Material matzebréngen: Mat der neier Box-up-Statioun mécht d'Gemeng Réiser Sport a Beweegung nach méi einfach zougänglech. Ob Volley-, Basket- oder Fussball, Dëschtennis, Badminton oder aner Aktivitéiten – d'Material kann direkt op der Plaz ausgeléint a gratis genotzt ginn. Eng flexibel Offer, déi Loscht mécht, sech ze beweegen."

anerem e Volleyball, e Basketball, Dëschtennisraketten, Material fir Beach- a Streetracket, Badminton an och verschidde Spiller. D'Offer ass net nëmme sportlech, mee och intergenerationell ugeluecht.

De Bilan léisst sech weisen: „Déi Këscht steet elo säit engem Joer do an déi gëtt immens gutt ugeholl a ganz vill benotzt", sou de Sportskoordinator. Interessant ass dobäi, datt d'Leit d'Material dacks net nëmme fir eng eenzeg Sportaart benotzen: „Déi wiesselen: Déi hunn da Basket eng hallef Stonn, da maachen si 20 Minutte Volleyball, da spille si eng Véierelstonn Dëschtennis an dann huele si de Fussball eraus." Genee dës Flexibilitéit entsprécht engem Sportverhalen, dat sech virun allem bei enger mi jonker Generatioun weist.

D'Box-up-Statioun ass dobäi net exklusiv fir d'Awunner vun der Gemeng geduecht. Jidderee kann d'App eroflueden a sech registréieren. Domat ass d'Statioun Deel vun engem méi grousse Reseau, deen och an anere Länner benotzt ka ginn. Och d'Zilgrupp ass am Fong méi breet wéi nëmme Jugendlecher. „Et gëtt vill queesch duerch d'Populatioun benotzt, vu jonke Leit bis eeler Leit. Eigentlech benotzt se jiddereen" sou d'Sport- a Jugendschäffe Bettina Ballmann.

Méi wéi just en Treffpunkt

Zu Mamer ass d'Jugendhaus e feste Bestanddeel vum Gemengeliewen – e Fräiraum awer och eng Plaz, wou Jonker léieren, Verantwortung z'iwwerhuelen.

Mamer ass an de leschte Jore staark gewuess. "Bal 12.000 Awunner liewen haut an der Gemeng, méi wéi zéng Prozent dovunner si Jugendlecher. Ronn 1.000 Kanner besichen d'Schoulen an d'Maison relais", wéi den Ed Buchette, Schäffe vun der Gemeng Mamer weess. D'Maison relais ass dann zu Mamer och mam Jugendhaus am selwechte Gebai ënnerbruecht. Dat hätt de Virdeel datt esouwuel d'Kanner wéi di Jugendlech sech an engem Ëmfeld beweegen, an deem si vun Ufank un u verschidde Forme vun Zesummeliewen a Participatioun erugefouert ginn, wéi d'Shary Klitz, Chargée de direction vum Jugendhaus, ënnersträicht.

D'Jugendhaus schafft awer net nëmme fir Mamer. Och mat der Nopeschgemeng Garnech besteet eng enk Zesummenaarbecht an et gi mam Familljeministère Aktivitéite fir Jonker aus béide Gemengen ausgeschafft. Fir datt di Jugendlech awer och un Aktivitéiten ausserhalb vum Haus kënnen deelhuelen, stellt d'Gemeng dem Jugendhaus ënner anerem eng Camionnette zur Verfügung. Esou kënnen d'Educateuren di Jugendlech bei Ausflich, Projeten oder aneren Aktivitéiten accompagnéieren, wéi den Ed Buchette erkläert.

D'Gemeng stellt dofir och finanziell Mëttelen zur Verfügung. Zu Mamer wëll een awer méi wéi just e Fräizäitprogramm offréieren: hei sollen di Jonk och d'Méiglechkeet kréien, selwer Iddien ze entwéckelen an ëmzesetzen. Esou z.B. wann e Raum am Jugendhaus nei gestalt soll ginn an di Jugendlech Material auswiele kënnen. E bësse gehéiert hinnen de Raum dann herno och selwer. Et ass net just „d'Haus vun den Educateuren", mee och hiert eegent.

Dat selwecht gëllt fir d'Gemengeliewen. D'Jugendhaus ass bei der Grousser Botz dobäi, ënnerstëtzt Fester an Aktivitéiten an hëlleft bei verschiddene Manifestatiounen. Fir d'Ekipp ass dat e wichtege Punkt: Jonker sollen och weise kënnen, datt si sech an hir Gemeng abréngen. Doduerch soll och en anert Bild vu Jugendleche vermëttelt ginn, déi jo dacks mat Problemer wéi Vandalismus, Alkohol oder Drogen a Verbindung bruecht ginn, wéi d'Shary Klitz ervirhieft.

Ee Beispill dofir ass de Smart Café. D'Iddi dofir ass aus dem Austausch tëscht Gemengekommissiounen a Jugendhaus entstanen: Vill eeler Leit hunn zwar e Smartphone, Tablet oder Computer, stoussen awer bei alldeegleche Froen un hir Grenzen. Wéi eng Foto iwwer WhatsApp verschécken? Wéi eng Applikatioun eroflueden a se benotzen? Hei kommen déi Jonk an d'Spill: No enger Formatioun ënnerstëtze si eeler Leit an erklären hinnen déi digital Welt. Haut gëtt de Smart Café reegelméisseg am Jugendhaus ugebueden a bréngt esou d'Generatiounen zesummen.

Och de Babbelcafé, deen zesumme mat der Kommissioun vum Vivre ensemble organiséiert gëtt, setzt op d'Zesummentreffe vu Generatiounen a Kulturen. Amplaz d'Leit an







GEMENG MAMER

Vu lénks no riets: Ed Buchette (Schäffen), Shary Klitz (Chargée de direction vum Jugendhaus), Kevin Santos (Educateur diplomé vum Jugendhaus)

engem formelle Kader sech begéinen ze loossen, gëtt fir méi e lockere Moment mat lessen, Gedrénks a klengen Aktivitéite gesuergt. Bei enger Editioun am Jugendhaus hunn d'Jugendlech selwer gehollef, de Programm op d'Been ze stellen. Et gouf Bingo an dräi Sproochen – Lëtzebuergesch, Franséisch an Englesch – an e Quiz, bei deem Familljen a verschidde Generatiounen zesummegeschafft hunn. Esou gouf sech iwwert d'Generatiouns- a Kulturgrenzen ewech kennegeléiert. D'Altersspann war grouss: Vun 11 bis bal 90 Joer. Fir d'Organisateuren ass genee dat de Wäert vun esou Projeten: Et komme Leit zesummen, déi sech soss vläicht net begéine géifen.

„Hei schaffen ausgebilte Fachleit, déi d'Jugendlech begleeden an ënnerstëtzen"

Wichteg ass awer och d'Relatioun mat den Elteren. D'Jugendhaus wëll weisen, datt et keng Plaz ass, wou Jugendlecher einfach nëmmen „ofgesat" ginn. Hei schaffen ausgebilte Fachleit, déi d'Jugendlech begleeden an ënnerstëtzen, seet d'Shary Klitz. Dofir ginn och Informatiounsowender organiséiert, bei deenen d'Elteren d'Educateure kenneléieren a sech selwer e Bild maache kënnen. Dës Oppenheet hëlleft, Virurteeler ofzebauen. Fir d'Equipe ass et wichteg, datt d'Eltere wëssen: Hir Kanner sinn hei wëllkomm, a gläichzäiteg gëtt et kloer Reegelen a professionell Begleedung.

Besonnesch gutt hätt sech d'Participatioun vun de Jugendleche beim Charity-Event Mamer in Motion gewisen. D'Initiativ geet urspréinglech op zwee Bridder zeréck, déi sech gefrot hunn, ob een net eppes kéint organiséieren, fir aneren ze hëllefen. Aus der éischter Iddi ass iwwer Méint e konkrete Projet entstanen. Di Jugendlech hu mat den Educateure Kevin Santos a Shary Klitz Iddie gesammelt, Workshoppe gemaach, Organisatioune gesicht an den Event geplangt.

Bei der éischter Editioun wier eng Associatioun ënnerstëtzt ginn, déi Familljen a Kanner beim Ëmgang mat Trauer a Verloscht begleet. Bei der zweeter Editioun ass den Erléis un d'Associatioun Thérapeutique Équestre gaangen. Dat wier Participatioun an der Praxis, wéi d'Responsabel Shary Klitz ënnersträicht: eng Iddi ze hunn, Leit z'iwwerzeegen, Partner ze sichen an um Enn en Event op d'Been ze stellen. Allerdéngs, esou d'Educatrice, géife sech d'Interesse vun de Jugendlechen natierlech veränneren. Wat haut wichteg ass, ka muer schonn anescht sinn.

